*Et gëllt dat geschwate Wuert*

Altesses Royales,

Haut ass e groussen Dag an der Geschicht vun eisem Land. Op Wonsch vum Grand-Duc, an am Accord mat der Regierung, kritt eist Land haut e Lieutenant Représentant vum Grand-Duc.

Et ass och e rare Moment an der Geschicht vun eisem Land. Rar well et esou Lieutenancen nach net vill gouf. Rar och well et dës Funktioun an dësen Titel an anere Länner vun der Europäescher Unioun net gëtt.

Un der Spëtzt vun eisem Land, esou gesäit et eis Verfassung fir, steet de Grand-Duc als Staatschef.

D'konstitutionell Monarchie, déi mir zu Lëtzebuerg hunn, baséiert dorop d'Iddi vun der Monarchie mat dem demokratesche Parlamentarismus ze verbannen. Et verbënnt d'Stabilitéit an d'Continuitéit un der Spëtzt vum Staat mam reegelméissegem Ausdrock vum Wielerwëllen.

D'Attributioune vum Staatschef si kloer an der Verfassung beschriwwen an d'politesch Verantwortung fir dem Grand-Duc seng Decisioune läit bei der Regierung. Duerfir hunn ech och elo grad am Numm vun der Regierung den Arrêté ënnerschriwwen deen de Prënz Guillaume zum Lieutenant Représentant ernennt.

Eis Konstitutioun gesäit fir dat de Grand-Duc sech ka vertriede loosse vun enger anerer Persoun déi en direkten Nokomme vum Grand-Duc Adolphe muss sinn.

An dat geschitt haut.

Dëst ass eng lëtzebuergesch verfassungsrechtlech Seelenheet. D'Iddi kënnt vun der Zäit am 19. Joerhonnert wéi den hollännesche Kinnek och Groussherzog vu Lëtzebuerg war. De Kinnek Guillaume III huet säi Brudder de Prënz Henri zu sengem Vertrieder zu Lëtzebuerg gemaach. Et war also éischter e prakteschen Arrangement well deen een an Holland souz an deen aneren hei zu Lëtzebuerg.

Mee haut ass et, esou wéi bei ärem Grousspapp, dem Grand Duc Jean, an ärem Papp, dem Grand Duc Henri, eng institutionell Preparatioun op d'Funktioun vum Staatschef. Lieutenant Représentant ass eng Funktioun déi et esou an aneren EU Länner a Monarchien net gëtt. D'Iddi dohannert ass dat de Staatschef net alles selwer muss maachen, mee seng Aufgabe kann delegéieren. Et ass also eng Zort Procuratioun vum Grand-Duc.

Monseigneur,

Mam Arrêté deen de Grand-Duc an ech elo grad ënnerschriwwen hunn, gitt Dir de sechste Lieutenant Representant an der Geschicht vun eisem Land.

Domat kënnt Dir all d'Attributiounen déi de Grand-Duc duerch d'Verfassung huet och selwer ausüben. Et wäert also keen ëffentlecht oder geheimt Dokument ginn dat d'Attributiounen an d'Aufgabe limitéieren oder detailléiert oplëschte géif.

Gläichzäiteg, huet all Land nëmmen ee Staatschef an de Grand-Duc bleift eleng de Staatschef vu Lëtzebuerg. De Grand-Duc wäert also weider all seng konstitutionell Pouvoire kënnen ausüben. An als Staatschef, wäert hien och weider de Staat representéieren. De Grand-Duc ass a bleift d'Symbol vun eiser nationaler Eenheet an Onofhängegkeet.

Monseigneur, léiwe Prënz Guillaume,

Lieutenant Représentant ass eng Funktioun déi Iech op är zukünfteg Roll vum Staatschef virbereede soll, an Iech elo erlabe wäert zum Beispill Gesetzer an Arrêtéen ze ënnerschreiwen. Mee als Mënsch, als Prënz an als Grand-Duc héritier sidd Dir elo schonn excellent op dës an är zukünfteg Aufgab preparéiert. An ech weess dat är Fra, d'Prinzessin Stéphanie dobäi wäert e formidabele Partner sinn.

Ech hat d'Chance Iech iwwert d'Jore gutt kennen ze léieren - mir souzen oft zesummen an hunn zesumme geschwat, a mir hunn esou munch offiziell Reesen zesumme gemaach. Ech kann Iech an dem Land soe: Monseigneur, Dir hutt déi richteg Eegenschafte fir dës Roll unzehuelen: e groussen Interêt an eng grouss Léift fir all d'Leit an dësem Land, egal wou se hierkommen oder wat se maachen, e groussen Engagement fir eist Land am Ausland würdeg an efficace ze vertrieden, fir eis heiansdo ze hëllefen dobaussen Dieren opzemaachen.

Dir hutt en Interêt fir engersäits fir dat Soziaalt an d'Natur, bei de Scouten, bei de Leit mat engem Handicap, an och e staarken Interêt fir eis Ekonomie an d'Leit déi an de Betriber schaffen.

An erlaabt mir dem Grand-Duc an der Grande-Duchesse ze soen: äre Fils de Prënz Guillaume ass eng perfekt Kombinatioun vun all äre positiven Eegenschaften an ärer Aarbecht am Déngscht vun eiser Heemecht.

Felicitatiounen a Bonne Chance Monseigneur fir är nei Aufgab. D'Regierung an d'ganzt Land wäert Iech an dëser Aufgab voll a ganz ënnerstëtzen.